



## *L'Archevêque de Luxembourg*

Léif Frënn vum Kannermissiounswierk,

175 Joer... esou al ass d'Kannermissiounswierk. Dat sinn 175 Joer voll vu Projeten, Kollekten, Gebiet, Aktioun, an dat fir d'Kanner ëm d'Welt, am Déngscht vun hirer Erzéiung, hirer Gesondheet, vun der Evangelisatioun a vum Schutz vun deene Klengste vun hinnen. Hei geet et drëm, fir enger Missioun 175 Joer trei ze sinn, duerch e kierchlecht Wierk am Déngscht vun de Kanner ze stoen, an och vun der Kierch selwer, déi ouni all Gedäisch doru schafft, fir eis Welt e wéineg besser ze maachen.

A mir sinn agelueden, fir dat do alles ze feieren, ze ënnerstëtzen, a Joer fir Joer duerch eis Donen an eis Gebieder ze encouragéieren.

Dëst Joer huet Missio Lëtzebuerg decidéiert, mat eisen Donen an eise Gebieder e schéine Projet am Peru ze ënnerstëtzen. Hei kréie Kanner mat der Laascht vun engem Handicap gehollef. Hei an a villen anere Géigenden ass et duebelt Leed, fir Kand an handicapéiert ze sinn. Esou Kanner ginn ewech gestouss, verlooss a mësshandelt. Vill Kanner mat engem Handicap errechen ni den Alter vun engem Erwuessenen a si stierwe ganz stëll, well se verlooss ginn a keen sech ëm si këmmert.

Fir dëst Schweigen ze brieche, sti Chrëschte wéi Dir a wéi ech op, a sinn am Numm vun hirer Daf bereet, dës Kanner unzehuelen an hinnen ze hëllef. Esou weise mir dann enger Welt, déi dorun zweiwelt, dat all Liewe verdéngt, ugeholl, respektéiert, an esou wäit wéi nëmme méiglech, gefërdert ze ginn. Mir gesinn dës kleng Kanner, déi vum Liewen esou schlecht behandelt gi mat chrëschtlechen Aen. Do eriwwer eraus wësse mer, dat si eis Bridder a Schwestern am Glawe sinn. Si si vu Gott zum Liewe beruff a si solle glécklech sinn, trotz Handicap – an esouguer munchmol kënnen si dat an hiert Liewen integréieren an doduerch glécklech sinn.

Kommt, mir huelen äis Zäit fir dës schéine Projet ze entdecken, fir en ëm äis erëm ze erklären ; fir Kanner aus der Kateches an aus de Paren ass dat ni verlueren Zäit.

Kommt, mir lauschten e wéineg ewech vun deene ville schlechten Neiegkeeten an Dramaen, well mir hunn d'Méiglechkeet do Guddes ze maachen, wou et esou schlecht leeft.

E ganz schéine Gebuertsdag fir d'Missiounswierk vun de Kanner. Dem Härgott säi Seege soll op all Kanner kommen, an och op déi, déi hinnen hëllef. Zu deene gehéiert dir glécklecherweis als Frënn an Donateurs vun dem Missiounswierk vun de Kanner.

+ Jean-Claude Hollerich  
Äerzbeschof vu Lëtzebuerg